PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/02/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau weiderzeleeden.**

A menger virrechteger Fro (n°148) huet d'Regierung mer d'Zuelen u Subsiden an aneren Hëllefen, déi Déierenasyler zu Lëtzebuerg kréien, konnte nennen. Dëst waren Déierenasyler zu Gaasperech, zu Diddeleng, zu Esch an zu Schëffleng. Fir kënne festzestellen, ob dës Hëllefen duer ginn, muss een natierlech och d'Auslaaschtung vun den Asyler an de leschte Joeren kennen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wat fir Kapazitéiten hunn déi genannten Déierenasyler (opgeschlësselt no Déierenaart)?
2. Wat war am Schnëtt d'Auslaaschtung vun den Asyler iwwert déi lescht 3 Joer gekuckt (opgeschlësselt no Mount)?
3. Wéi vill Déiere konnten an de leschten 3 Joer vun den Asyler vermëttelt ginn (opgeschlësselt no Déierenaart)?
4. Ass d'Ministesch der Meenung, dass et weider Asyler zu Lëtzebuerg brauch?
5. Ass d'Ministesch der Meenung, dass d'Kapazitéiten an de bestoenden Asyler kuerz- a mëttelfristeg gesinn héisch genuch sinn?
6. Si weider Asyler geplangt? Wa jo, wou?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten